N°1629
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Am Kader vun der europäescher Direktiv (EU) 2015/1535 muss all Memberstat technesch Virschrëften am Virfeld notifiéieren. Dëst geschitt iwwert de TRIS (système d'information relatif aux règles techniques). Lëtzebuerg huet an dësem Joer ënner anerem den "Projet de loi modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac" an de "Projet de règlement grand-ducal relatif aux modalités d'exploitation des pompes à chaleur" notifiéiert.

2023 huet Lëtzebuerg insgesamt 13 Notifikatioune gemaach. Bei verschiddene Projeten, wéi dem Projet de loi iwwert den Tubak, koumen detailléiert Remarke vun anere Memberstaaten, der Europäescher Kommissioun an interesséierte Parteien. D'Transparenz vun dësem Prozess an d'Abannung vun de concernéierten Institutiounen ass wichteg fir eng kohärent Gesetzgeebung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt de TRIS-Notifikatiouns-Prozess zu Lëtzebuerg koordinéiert a wéi eng Ministèren si bedeelegt?
2. Wéi ginn d'Stellungnamen, déi am Kader vun TRIS-Notifikatiounen erakommen, analyséiert a verschafft? Gëtt et heifir eng standardiséiert Prozedur?
3. Gëtt et een Ënnerscheed dertëscht, wéi Stellungname vu Länner, den europäeschen Institutiounen a Stakeholder behandelt ginn?
4. Kritt d'Chamber d'Stellungnamen, déi am Kader vun enger TRIS-Notifikatioun erakommen, automatesch matgedeelt? Falls net, firwat net?
5. Kritt de Conseil d'État d'Stellungnamen, déi am Kader vun enger TRIS-Notifikatioun erakommen, matgedeelt? Falls jo, a wéi enger Form?
6. Bei wéi ville Projeten hunn d'Stellungnamen an de leschten 3 Joer zu substantielle Modifikatioune gefouert?
7. Wéi eng Konsequenze gëtt et, wann d'Regierung decidéiert, d'Remarken aus enger TRIS-Notifikatioun net ze berücksichtegen?

8. Gëtt et eng ëffentlech zougänglech Plaz, wou d'Bierger d'Stellungnamen nokucke kënnen a gesi kënnen, wéi Lëtzebuerg drop reagéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten